de Buet

HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSIICHT

N°1 2025

Foto: Rita POMARE

www.helperknapp.lu

Sommaire

Editorial 1
Helpermaart 3
Avis au public 4
Nationalfeierdag - Save the Date 5
Defibrillatoren 6
Les défibrillateurs 7
Beachdref - Save the date 8
Ënnerstëtzung fir d'Associatioun „LUkraine" 9
D'Gemeng Tandel op eisem Schoulcampus 10
Nei elektresch Opluedstatioun 11
Remise de diplômes UGDA 11
Gebuertsdeeg | Anniversaires 12
Gebuerten, Hochzäiten Naissances, mariages & partenariats 13
Rubrik „Senior" 14
Rubrique « senior » 15
Réckbléck op d'Seniorefeier 16
Fleegeversécherung Konferenz 18
Éischt Kaffis-Stuff fir Senioren 19
Hierschtfest Musek Gemeng Helperknapp 20
Soirée de bienvenue zu Bruch 22
Aweiung vum „Struwweltëntert" 24
Chrëschtconcert 25
Bricher Chrëschtmaart 26
AG Männerchouer Béiwen-Atert 28
Schülerauditioun Musekschoul 29
Neijoerschempfang 30
AG Musek Gemeng Helperknapp 32
Kënnbakestee 33
Buergbrenne „beim Heidemier" 34
Buergbrenne Bricher Suebelmouken 35
Rettungsmissioun Réikitz 36
AG Amicale Pompjeeën Téinten 38
Badmintonsturnéier 39
D'AMAL um Autojumble 40
Éischte Repair Café 41
natur&ëmwelt Téinten 42
Happy Birthday fir 34 Jubilaren 43
News PBC Brouch 44
Theaterfrënn Téinten 51
Danzen - Gemeng Helperknapp 52
SICONA 53
LEADER 57
SNJ 59
Klima Agence 62
EBL 64
Parkinson Luxembourg 65
Kannerae liichten offline méi hell 66
SDK 68
Bee Secure 69
Police Lëtzebuerg 70
Manifestatioune Veräiner 71
Deng Foto als Titelsäit vum Buet? 73
Kannereck 😀 74
Manifestatiounskalenner 2025 76
Offallkalenner 77
Nuit du Sport 78

Adresses utiles

Administration communale

2, rue de Hollenfels · L-7481 TUNTANGE
Tél. : 28 80 40-1
E-mail : commune@helperknapp.lu

Service technique

1b, rue de Hollenfels · L-7481 TUNTANGE
Tél. : 28 80 40-300
E-mail : service.technique@helperknapp.lu
Site Internet : www.helperknapp.lu

URGENCES : 28 80 40 999*
* En dehors des heures de travail

Heures d'ouverture du bureau de la population

Lundi	8h00-11h30	**fermé**
Mardi	**7h00**-11h30	13h30-16h30
Mercredi	8h00-11h30	13h30-16h30*
Jeudi	8h00-11h30	13h30-16h30**
Vendredi	8h00-11h30	**fermé**

* **chaque premier mercredi du mois nocturne jusqu'à 18.30 heures**

** **le jeudi uniquement sur rendez-vous pendant l'horaire indiqué !**

Centres de Recyclage

Entrepôt « Sayerhéicht » à Tuntange:
(sortie Tuntange direction Hollenfels)
avril-octobre: mercredi 16h00 à 19h00
samedi 8h30 à 11h30

Exploitation agricole Mangen
35, an Uerbech · L-7418 Buschdorf
ouvert du 15 mars au 15 novembre
(sauf dimanche)

Numéros utiles

Service de proximité	agent@helperknapp.lu	32 50 23-279
Garde forestier		24 75 67 28
Curé Joël Santer		26 61 04 03
Secrétariat paroissial		20 80 02 60
Leader Lëtzebuerg West		26 61 06 80
Landakademie		89 95 68-23
Cipa Mersch		26 32 91
Office Social Mersch		26 32 58-1
Bummelbus		26 80 35 80
Repas sur Roues		26 27 66-500
Mierscher Lieshaus		26 32 21 13
Uelzechtdall - Club senior		26 33 64-1
Centre médical Tuntange		26 39 63
Centre médical Boevange/Attert		85 91 28-1
Ketterthill Boevange/Attert		48 82 88-1
Bionext Tuntange		27 32 1
Téléalarme « Sécher Doheem »		26 32 66

Urgences : 112

POLICE GRAND-DUCALE

Commissariat Mersch	24 491-200

CORPS GRAND-DUCAL D'INCENDIE ET DE SECOURS

CIS Boevange/Attert	49 771-3125
CIS Tuntange	49 771-3275

Enseignement & Service éducation accueil

Campus Helperknapp – Administration	28 80 40-700
Equipe multiprofessionnelle (EMP)	26 62 98-1
Maison Relais – Campus Helperknapp	28 80 40-777
Crèche An Dicksen, Tuntange	28 80 40-500

Pour tout autre numéro veuillez consulter : www.campus-helperknapp.lu

Editorial

Léif Awunnerinnen an Awunner,

Mir si voller Begeeschterung a mat groussem Enthusiasmus an dat neit Joer gestart. Dofir wëll ech lech déi ambitiéis Projet'e virstellen déi d'Zukunft vun eiser Gemeng wäerte gestallten.

D'Joer 2025 versprécht e Joer vun Transformatioun a Fortschrëtt ze sinn, mat villen Initiativen déi dozou féieren de Service un de Bierger, d'Liewensqualitéit an eist Engagement fir nohalteg Entwécklung ze stäerken.

Zu den Haaptprojeten zielen d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum, d'Renovatioun an den Ausbau vun diversen Infrastrukturen. Dorënner d'Gemengenhaus an de Service Technique zu Téinten, déi ausgebaut a moderniséiert gi fir de Besoine vun eise Bierger a vum Personal besser ze entspriechen. Och ginn de Koschteschbau zu Téinten an de Centre Culturel „Lëtschert" zu Béiwen renovéiert fir méi funktionell an agreabel Plaze fir eis Gemengenaktivitéiten a kulturell Evenementer ze bidden.

Besonnesch houfreg si mir op d'Schafe vun enger zweeter Gemenge Crèche zu Béiwen, dëst féiert dozou datt mir och de jéngsten Awunner aus der Gemeng e séchert a stimuléirend Ëmfeld wëlle bidden. Dëse Projet ass eng direkt Äntwert op d'Bedierfnisser vun de Familljen an eiser Gemeng a fir d'Elteren an hier Kanner z'ënnerstëtzen.

Ëmmer mam Zil, eise Bierger e bessere Service ze bidden, si mir houfreg matzedeelen, datt mir vum Gesondheetsministère den Accord kritt hu fir eng Apdikt um Territoire vun eiser Gemeng opzemaachen.

Zousätzlech, well d'Energie an d'Ëmwelt fir eis e besonnesche Stellewäert huet, hu mir an Zesummenaarbecht mat der Firma Soler d'Schafe vun engem Wandpark lancéiert, eng grouss Initiativ fir erneierbar Energien ze förderen an eisen CO_2-Ofdrock ze reduzéieren. Dëse Park wäert net nëmmen dozou bäidroen dat nationaalt Zil punkto erneierbarer Energie am Gesamtverbrauch z'erreechen, mee och zur Erhalung vun eiser Ëmwelt fir zukünfteg Generatiounen. De 26. Februar war eng Informatiounsversammlung zu dësem Thema organiséiert ginn.

Natierlech schaffe mir och konstant un der Verbesserung vun eisen öffentlechen Infrastrukturen, eise Stroossen an och eisen Drénkwaasser-Reseau.

All dës Projete wieren net méiglech ouni Är Ënnerstëtzung an Engagement. Ech soe jidderengem häerzlech Merci, déi aktiv um Liewe vun eiser Gemeng deelhuelen: Benevollen, Veräiner, Betriber, Léierpersonal an natierlech all eisen Awunner. Ären Engagement a Gemeinschaftsgeescht sinn de Schlëssel fir eise kollektive Succès.

D'Joer 2025 ass e Joer voller Erausfuerderungen an neie Projeten, mee dëst dreift eis all Dag op en Neits un eist Bescht ze ginn fir aus eiser Gemeng eng Plaz ze maachen wou, et sech fir jidderee gutt Liewe léist. Mir probéiere weiderhin eng inklusiv a solidaresch Gemeng ze gestallten, wou jidderee sech wëllkomm a respektéiert fillt.

Ech wënschen lech vill Spaass beim Liesen.

Fir de Schäfferot:

Paul MANGEN,
Buergermeeschter

Paul MANGEN,
Buergermeeschter

Ben BAUS,
Schäffen

Emile SPLICKS,
Schäffen

Version française au verso

Editorial

Chers résidentes et résidents,

Alors que nous avons entamé une nouvelle année, c'est avec un grand enthousiasme que je vous présente les projets ambitieux qui façonneront l'avenir de notre commune. L'année 2025 s'annonce comme une année de transformation et de progrès, avec des initiatives qui renforceront nos services aux citoyens ainsi que notre cadre de vie et notre engagement envers le développement durable.

Parmi les projets phares de cette année, nous entreprendrons la création de divers logements à coûts modérés et la rénovation de plusieurs infrastructures essentielles. La mairie et la service technique seront agrandis et modernisés pour mieux répondre aux besoins de nos citoyens et du personnel. Deux centres culturels, le Koschteschbau à Tuntange et le Centre Lëtschert à Boevange seront rénovés pour offrir des espaces plus accueillants et fonctionnels pour nos activités communautaires et événements culturels.

Nous sommes également ravis d'annoncer la contruction d'une nouvelle crèche à Boevange, qui permettra d'accueillir davantage de jeunes enfants dans un environnement sûr et stimulant. Ce projet est une réponse directe aux besoins croissants des familles de notre commune et témoigne de notre engagement à soutenir les parents et les enfants.

Toujours dans l'optique de fournir un meilleur service à nos citoyens, nous sommes fières de pouvoir vous annoncer que nous avons obtenu l'accord du Ministère de la Santé pour ouvrir une concession de pharmacie sur le territoire de notre commune.

En outre, l'énergie et l'environnement nous tenant particulièrement à cœur, nous avons lancé le projet de création d'un parc à éoliennes avec la Société SOLER, une initiative majeure pour promouvoir les énergies renouvelables et réduire notre empreinte carbone. Ce parc contribuera non seulement à atteindre les objectifs nationaux concernant les énergies renouvelables, mais aussi à la préservation de notre environnement pour les générations futures. Une réunion d'information avait été organisée à ce sujet le 26 février dernier.

Bien évidemment nous sommes aussi en constante amélioration de nos voiries et infrastructures publiques dont notre réseaux en eau potable.

Tous ces projets ne seraient pas possibles sans votre soutien et votre engagement. Je tiens à remercier chaleureusement tous ceux qui participent activement à la vie de notre commune : les bénévoles, les associations, les commerçants, le personnel enseignant, et bien sûr, chaque habitant. Votre dévouement et votre esprit de communauté sont la clé de notre succès collectif.

L'année 2025 est une année pleine de défis et de nouveaux projets, mais cela nous motive à donner le meilleur de nous-mêmes chaque jour pour faire de notre commune un endroit où il fait bien vivre. Nous continuons à nous efforcer de créer une commune inclusive et solidaire où chacun se sent le bienvenu et respecté.

Bonne lecture,

Pour le collège des bourgmestre et échevins :

Paul MANGEN,

Bourgmestre

HELPERMAART

PÄISCHTSONNDEN

8. JUNI 2025

BËSCHDREF

säit 1989

Helpermaart

Ouverture offiziell 10 Auer

Fräien Entrée

Maart 10 Auer bis 18 Auer

helpermaart.lu

Gratis

GEMENG
HELPERKNAPP
2, rue de Hollenfels • L-7481 Tuntange

Avis au public

Teuerungszulage 2025

Es wird der Öffentlichkeit zur Kenntnis gebracht, dass der Gemeinderat in seiner Sitzung vom 30.01.2025 einstimmig beschlossen hat für das Jahr 2025 eine Teuerungszulage pro volljährigem Antragsteller in Höhe von 20 % des vom Nationalen Solidaritätsfonds gewährten Betrags zu gewähren, sofern folgende Bedingungen erfüllt sind:

- *zum Zeitpunkt der Antragstellung seit mindestens einem Jahr im Bevölkerungsregister der Gemeinde Helperknapp eingetragen sein*
- *im Jahr 2025 Empfänger der vom Nationalen Solidaritätsfonds gewährten Teuerungszulage zu sein*
- *die Teuerungszulage muss zurückgezahlt werden, wenn sie aufgrund falscher Erklärungen oder unrichtiger Angaben erhalten wurde.*
- *Der Antragsteller ist verpflichtet, seinem Antrag eine Bescheinigung beizufügen, aus der hervorgeht, dass er die Teuerungszulage vom Nationalen Solidaritätsfonds erhält.*

Tüntingen, den 3. Februar 2025
Das Kollegium der Bürgermeister und Schöffen

Allocation de vie chère et d'énergie 2025

Il est porté à la connaissance du public que lors de la séance du conseil communal du 30.01.2025 le conseil communal a décidé unanimement d'accorder pour l'année 2025 une allocation de vie chère par requérant majeur d'un montant 20 % de la somme allouée par le Fonds national de solidarité sous réserve de l'observation des conditions suivantes :

- être inscrit au registre de la population de la commune « Helperknapp » depuis un an au moins au moment de la demande
- être bénéficiaire de l'allocation de vie chère accordée par le Fonds national de solidarité en 2025
- l'allocation de vie chère est sujette à restitution au cas où elle aurait été obtenue sur base de fausses déclarations ou de renseignements inexacts
- le requérant doit joindre à sa demande un certificat attestant qu'il est bénéficiaire de l'allocation de vie chère par le Fonds national de solidarité.

Tuntange, le 3 février 2025
Le collège des bourgmestre et échevins

ADMINISTRATION COMMUNALE · HELPERKNAPP ·

Administration communale Helperknapp
2, rue de Hollenfels | L-7481 Tuntange
commune@helperknapp.lu
+352 28 80 40-1
helperknapp.lu
helperknapp

PacteClimat | EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSIICHT

▪ Virowend vun ▪ Nationalfeierdag zu Béiwen/Atert

bei der aler Gemeng

22.06.

SAVE THE DATE

▪ Veille de la ▪ Fête Nationale à Boevange/Attert

près de l'ancienne mairie

www.helperknapp.lu

Defibrillatoren: E liewenswichtegt Instrument fir jiddereen

All Joer si vill Mënschen zu Lëtzebuerg vun engem plëtzlechen Häerzstëllstand betraff. An esou enger Noutsituatioun zielt all Minutt. En automateschen externen Defibrillator (AED) kann entscheedend sinn an hëllefen, ee Liewen ze retten, ier d'Noutdéngschter ukommen.

Firwat ass en Defibrillator esou wichteg?

Wann eng Persoun en Häerzstëllstand huet, schléit hiert Häerz net méi normal. En elektresche Schock, deen duerch en Defibrillator ausgeléist gëtt, kann de normale Rhythmus vum Häerz erëm hierstellen. Ouni séier Interventioun, falen d'Iwwerliewenschancen all Minutt ëm 10 %.

Wéi benotzt een en Defibrillator?

Defibrillatoren, déi fir d'Ëffentlechkeet zougänglech sinn, si sou konzipéiert, datt jidderee se benotze kann, och ouni Formatioun. Hei sinn d'Etappe fir richteg ze reagéieren:

1. *Den 112 uruffen an d'Noutdéngschter alarméieren.*
2. *Den Defibrillator aschalten a seng Instruktioune suivéieren.*
3. *D'Elektroden op d'Broscht vum Patient placéieren, wéi um Apparat uginn.*
4. *Den Defibrillator den Häerzrhythmus analyséiere loossen a seng Instruktioune befollegen (hie gëtt un, ob e Schock néideg ass).*
5. *Eng Häerzmassage maachen tëscht de Schockimpulser, wann néideg, bis d'Rettungsdéngschter ukommen.*

Wou fannt Dir en Defibrillator?

D'Gemeng Helperknapp huet den Ament 6 operationell Defibrillatoren an 2 zousätzlech Apparater si geplangt. Hei ass déi aktuell Lëscht vun Defibrillatoren an eiser Gemeng, fir datt Dir deen am nooste bei lech fannt.

Ënnert dëse QR Codë fannt Dir 2 Videoe vum CGDIS déi weise wéi een en Defibrillator benotzt.

D'Benotze vun engem Defibrillator bei engem Erwuessenen:

D'Benotze vun engem Defibrillator bei engem Kand vun 1 bis 12 Joer:

E kleng Geste kann e Liewen retten. Traut lech ze hëllefen!

Lëscht Defibrillatoren Helperknapp

Centre culturel et Sportif Lëtschert

Am Lëtschert
L-8711 Boevange-sur-Attert

Ancienne école primaire „a Määsch" / abri de l'arret de bus

1, am Moul
L-7418 Buschdorf

„An der Koll" - Terrain de Football

Am Eck
L-7416 Brouch

Brouch Parking près de l'église

L-7415 Brouch

Centre culturel Koschteschbau

2, rue de Hollenfels
L-7481 Tuntange

Ecole fondamentale Hollenfels

1, rue de Tuntange
L-7435 Hollenfels

Les défibrillateurs : un outil vital à la portée de tous

Emplacement des défibrillateurs Helperknapp



Défibrillateurs disponibles

À venir

GEMENG HELPERKNAPP

Chaque année, des centaines de personnes sont victimes d'un arrêt cardiaque soudain au Luxembourg. Face à cette situation d'urgence, chaque minute compte. Un défibrillateur automatisé externe (DAE) peut faire toute la différence en permettant de sauver une vie avant l'arrivée des secours.

Pourquoi un défibrillateur est-il essentiel ?

Lorsqu'une personne subit un arrêt cardiaque, son cœur ne bat plus normalement. Un choc électrique administré par un défibrillateur peut rétablir un rythme cardiaque efficace. Sans intervention rapide, les chances de survie diminuent de 10 % à chaque minute qui passe.

Comment utiliser un défibrillateur ?

Les défibrillateurs accessibles au public sont conçus pour être utilisés par tous, même sans formation préalable. Voici les étapes à suivre :

1. Composer le 112 et alerter les secours.
2. Allumer le défibrillateur et suivre les instructions vocales.
3. Placer les électrodes sur la poitrine du patient comme indiqué sur l'appareil.
4. Laisser le défibrillateur analyser le rythme cardiaque et suivre ses instructions (il indiquera s'il faut administrer un choc).
5. Pratiquer le massage cardiaque entre les chocs si nécessaire, jusqu'à l'arrivée des secours.

Où trouver un défibrillateur ?

La commune Helperknapp compte actuellement 6 défibrillateurs opérationnels et 2 appareils supplémentaires sont en cours de planification. Voici la liste actuelle des défibrillateurs de notre commune afin que vous puissiez localiser le plus proche de chez vous.

En scannant les QR Codes vous trouverez deux vidéos du CGDIS qui montrent comment utiliser le défibrillateur.

Utilisation du défibrillateur chez l'adulte:

Utilisation du défibrillateur chez un enfant âgé de 1 à 12 ans:

Un geste simple peut sauver une vie. Osons intervenir !

11. Juli bis 17. August
all Dag vu 14 bis 21 Auer

Schwämm, Plage, a Villes méi.

Zu Beschdrëf hannert der fréierer Spillschoul!

Weider Informatiounen op @beachdref a www.beachdref.lu

HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSIICHT

Ënnerstëtzung fir d'Associatioun „LUkraine"

D'Membere vum Gemengerot weise sech solidaresch mat der Associatioun „LUkraine", andeems si am Gemengerot de Kaf vun zwou Generatricen approuvéiert hunn an dës an d'Ukraine gespent ginn. Dës Generatricen wäerten dozou bäidroen, d'Konditioune fir d'Leit, déi vun der aktueller Kris an der Ukrain betraff sinn, ze verbesseren.

De Buergermeeschter zesummen mat dem Personal vun der Gemeng hu sech et net huele gelooss, dës Generatricen perséinlech un d'Associatioun z'iwwerreechen an hinne weiderhinn hir Solidaritéit am Numm vun der Gemeng auszedrécken.

Soutien pour l'association „LUkraine"

Les membres du conseil communal se montrent solidaires avec l'association « LUkraine » en approuvant l'achat de deux génératrices lors d'une séance du Conseil Communal comme don à l'Ukraine. Ces génératrices vont permettre d'améliorer les conditions de vie des personnes touchées par la crise en Ukraine.

Le bourgmestre et le personnel communal ont tenu à remettre personnellement les génératrices à l'association et à leur témoigner leur solidarité au nom de la commune Helperknapp.

D'Gemeng Tandel op Besuch op eisem Schoulcampus

De 17. Mäerz hate mir d'Freed eng Delegatioun aus der Gemeng Tandel op eisem Campus ze begréissen. Dëse Besuch war d'Geleeënheet fir eis pädagogesch Infrastruktur virzestellen an eis Erfarungen ze deelen. D'Vertrieder vun Tandel hunn e groussen Interessi un eiser innovativer Approche a modernen Ariichtunge gewisen, déi en optimaalt Ëmfeld fir eis Schüler förderen.

D'Gemeng Tandel plangt eng nei Schoul ze bauen an huet Inspiratioun fir dësen ambitiéise Projet gesicht. Mir si frou, datt mir dozou bäidroe konnten an hoffen, datt eise Modell hinne wäertvoll Iddie gëtt.

L'administration communale de Tandel en visite sur notre campus scolaire

Le 17 mars, nous avons eu le plaisir d'accueillir une délégation de la commune de Tandel sur notre campus scolaire. Cette visite a été l'occasion d'échanger sur nos infrastructures éducatives et de partager notre expérience en matière de gestion scolaire. Les représentants de Tandel ont montré un vif intérêt pour notre approche innovante et nos installations modernes, qui favorisent un environnement d'apprentissage optimal pour nos élèves.

La commune de Tandel envisage de construire une nouvelle école et cherchait de l'inspiration pour ce projet ambitieux. Nous sommes ravis d'avoir pu contribuer à leur réflexion et espérons que notre modèle leur apportera des idées précieuses.

Nei elektresch Opluedstatioun zu Bruch

Mir si frou lech matzedeelen datt zu Bruch, um Parking vun der Kierch, nieft der Bike-Box eng nei elektresch Opluedstatioun a Betrib ass. Dës Initiativ ass Deel vun eisem Engagement fir nohalteg Mobilitéit ze förderen an eisen CO_2-Ofdrock ze reduzéieren.

Dës Opluedstatioun erlaabt et elektresch/hybrid Gefierer séier an zouverlässeg mat bis zu 22 kW opzelueden, wat eng praktesch an effizient Léisung fir all Notzer bitt. Dës ass 24 Stonnen den Dag, 7 Deeg an der Woch zougänglech.

Nouvelle borne de recharge électrique à Brouch

Nous sommes ravis d'annoncer l'installation d'une nouvelle borne de recharge électrique à Brouch, située sur le parking de l'église, à côté de la Bike-Box. Cette initiative s'inscrit dans notre engagement à promouvoir la mobilité durable et à réduire notre empreinte carbone.

Cette borne de recharge dispose d'une puissance allant jusqu'à 22 kW garantissant une recharge rapide et fiable des véhicules électriques et hybrides, offrant ainsi une solution pratique et efficace pour tous les usagers. Elle est accessible 24 heures sur 24 et 7 jours sur 7.

Den 8. Februar 2025

Remise de diplômes UGDA

J.M. „Lupo" Ludowicy - lupo.lu

Gléckwënsch fir d'Anita Hoffmann-Muller zum 85. Gebuertsdag

Bruch: *Bei beschter Gesondheet a mat berechtegtem Stolz konnt d'Anita Hoffmann-Muller vu Brouch viru kuerzem hire 85. Gebuertsdag feieren. D'Jubilarin huet de 6. November 1939 als jéngst Duechter vun zwee Kanner d'Liicht vun der Welt erbléckt. Hir Eltere waren de Jean-Pierre Muller vu Sandweiler an d'Léonie Theisen vun der Horas (Préizerdaul). Den 12. Mee 1973 ass Hochzäit gefeiert gi mam Erny Hoffmann, den seng Jugendzäit bei sengen Elteren zu Rëmerech (Préizerdaul) verbruecht huet. Aus hirem Bestietnis goungen zwee Jongen ervir, déi d'Famill Hoffmann-Muller ëm zwee Enkelkanner erweidert hunn. Fir de Buergermeeschter Paul Mangen mat sengen zwee Schäffe Ben Baus an Emile Splicks war et eng besonnesch Éier, fir dem Anita Hoffmann-Muller mat engem schéine Bouquet Blummen, am Numm vun der Gemeng Helperknapp déi allerbescht Gléckwënsch zum 85. Gebuertsdag ze iwwerbrénge mat der Hoffnung, dass d'Jubilarin nach weider gesond an zefridde Joren zesumme mat hirem Mann Erny an hirem Wunnhaus zu Brouch ka verbréngen. Duerno ass d'Glas erhuewe ginn, an op de 85. Gebuertsdag geprost ginn*

Text a Foto: Charel REISER

Gebuertsdeeg | Anniversaires

Novembre 2024

80	LEBON Elisabeth
85	FELTGEN Guillaume
85	WAGNER Nicolas
80	DUARTE Maria

Décembre 2024

85	NIJENHUIS Joseph
80	DOS SANTOS MARQUES DA COSTA Mario

Janvier 2025

85	FABER Paul
85	FRANK Emile
80	FEND Nicole

Février 2025

80	KOEMPGEN Maggy
90	BERTEMES Suzette
85	BROCKMEYER Paul
80	MEYERS Jean-Pierre
80	HADJIDIMOFF Andre

Mars 2025

80	SEILER Edouard
80	KREMER Marie Anne

Gebuerten | Naissances

BOUSSON THILL Emil	14.11.2024
FILMON Melael	14.11.2024
SELMI Dawood	14.11.2024
ROSSI Mayla	19.11.2024
FERREIRA WEBER Jules	05.12.2024
FERREIRA WEBER Mathieu	05.12.2024
SINHA Adrija	18.12.2024
TOISUL LINSTER Jan	21.12.2024
DA CRUZ GANETO Enora	26.12.2024
MARAGE Mia	10.12.2024
HAVARD Loretta Sophie Arlette	08.01.2025
KRAJNIC Zayn	09.01.2025
STEICHEN Jim	09.01.2025
BRUK Yoadan	17.01.2025
RIPPINGER Ella	21.01.2025
SCHOLTES Léon Mathi	28.01.2025
DOS SANTOS SCHOLTES Alice Alexandra	02.02.2025
OLIVEIRA CALDAS Clarice	10.02.2025
ADRIANO MÜLLER Diana	13.02.2025
DA SILVA ANTUNES Benjamin	14.02.2025
WEYDERT Noé Elias	22.02.2025
BELAYACHI Salim Ismaël	13.03.2025
BRANDENBURGER Mira	24.03.2025
LOULO Mohammed Amir	24.03.2025
SOUISSI Yazan Mohamed	25.03.2025

Hochzäiten | Mariages & Partenariats

16.11.2024	MARTHUS LAURENT FORTUNA Louis	LOSTE Laetitia	mariage
07.12.2024	DA SILVA GUEDES Steve	PEREIRA DIAS Melanie	mariage
06.01.2025	MORTUĻEVS Aleksandrs	JITSAMUT Sirikanda	mariage
14.02.2025	ROLLINGER Pascal	DISEVISCOURT Léa	mariage
14.03.2025	DANIS Claude	BOTZEM Lydie	mariage
27.03.2025	TEIXEIRA DA SILVA Luis	KRIER Joëlle	mariage

Partenariat

07.11.2024	BACCUS Jean-Pierre	MUSEL Shéila	partenariat
22.11.2024	BRAUN Bob	THIELEN Annick	partenariat
22.11.2024	BRIATICO Luca	DE MARCO Beatrice	partenariat
28.11.2024	JUNGBLUTH Jeff	RAPOSO Sabrina	partenariat
10.12.2024	SILVA ALEXANDRE David	FERREIRA RODRIGUES Marta	partenariat
31.01.2025	MANGIONE Domenic	VÁSÁRI Mendy	partenariat
18.02.2025	JACQUEMOTTE Quentin	PEERAER Sarah	partenariat

Exklusiv fir d'Awunner aus der Gemeng déi 60 Joer oder méi al sinn

Zukünfteg Eventer | Manifestations à venir :

05.05.2025	*Ausfluch Kinoler: Film „Ballon" - Begrenzt Plaze / Places limitées* *Umeldung bis den 28.04.25 ënnert der Nummer 28 80 40-1* Inscription jusqu'au 28.04.25 au numéro 28 80 40-1
27.05.2025	*Kaffisstuff zu Béiwen am „Lëtschert": vu 14.00 bis 18.00 Auer* | de 14.00 à 18.00 heures
04.07.2025	*Save the date : Ausfluch mat der Marie-Astride* | Excursion à bord de la Marie-Astride

Wichteg Informatioun Service „Téléalarme" vun der Stëftung Hëllef Doheem:

D'Gemeng Helperknapp iwwerhëlt, fir hier Bierger ab 60 Joer, d'Installatiounskäschte vun der Stëftung Hëllef Doheem an d'Fraisen déi all Mount ufale fir de Service Téléalarme !*

***Ausgeschloss sinn all aner Fraise vun aner Entreprisen déi kéinten ufale fir d'Installatioun vum Telealarm ze erméiglechen. z.B. Installatiounskäschte vum Internet.**

- *Wat ass den Service „Téléalarme" vun der Stëftung Hëllef Doheem:*

  Et handelt sech em en Noutruffsystem deen aus engem Empfänger, deen un d'Telefonsleitung verbonnen ass, souwéi aus engem Sender (Alarmknäppchen) besteet.

  Am Noutfall kann dëse Sender, deen als Bracelet oder Halskette gedroe gëtt, en Noutruff ausléisen.

  Et ginn och mobil Apparater, déi iwwert d'GSM-Netz funktionéieren, an déi och GPS-Lokalisatioun ubidden. Duerch d'drécke vun engem einfache Knäppche gëtt direkt e Signal un eis Alarmzentral geschéckt déi da Kontakt ophellt fir erauszefannen op alles an der Réi ass. Dëse System garantéiert esou datt Dir, wann néideg, Hëllef kritt. 7 Deeg an der Woch a 24 Stonnen den Dag!

- *Wéi kann een dovunner profitéieren:*

  Kontaktéiert d'Stëftung Hëllef Doheem fir e Rendez-vous iwwert:

  - Telefon: um 40 20 80 oder

  - Online Formulaire: https://www.shd.lu/service/telealarme

  Si komme kucken op et technesch Méiglech ass de Service ze installéieren.

  Wann d'Installatioun gemaach ass, leed d'Stëftung Hëllef Doheem d'Rechnung direkt un d'Gemeng weider.

Fir weider Informatioune went Iech direkt un d'Stëftung Hëllef Doheem um 40 20 80.

Exclusivement réservé aux résidents de la commune âgés de 60 ans ou plus

Service d'informations importantes « Téléalarme » de la Fondation Hëllef Doheem :

L'administration communale offre les frais d'installation de la « Stëftung Hëllef Doheem »* et les frais mensuel du service Téléalarme à ses habitants âgés de 60 ans ou plus.

***exclus sont tous les autres frais d'autres sociétés requises pour l'installation du service, ex. frais d'installation d'Internet ou autres.**

- Qu'est-ce que le Service Téléalarme « Sécher Doheem » ?

  Un système d'appel assistance se compose d'un récepteur raccordé à la ligne téléphonique, ainsi que d'un émetteur (bouton d'alarme).

  En cas d'urgence, cet émetteur porté comme Bracelet ou collier permet de déclencher un appel d'urgence.

  Il existe aussi des appareils mobiles, fonctionnant via le réseau GSM, et pouvant offrir en plus une localisation par GPS. Donc sur simple appui d'un bouton, le récepteur entre en communication avec notre central d'alarme et garantit ainsi que vous aurez toute aide nécessaire. 7 jours sur 7 et 24 heures sur 24 ! (Source: « Stëftung Hëllef Doheem »)

- Comment puis-je bénéficier de ce service ?

  Il suffit de contacter la « Stëftung Hëllef Doheem » afin de fixer un rendez-vous avec eux via :

  - Téléphone : 40 20 80

  - Formulaire en ligne : https://www.shd.lu/service/telealarme

  La « Stëftung Hëllef Doheem » viendra sur place afin d'examiner la faisabilité technique de l'installation.

  Dès que l'installation est faite la « Stëftung Hëllef Doheem » nous enverra directement les factures y afférentes.

Pour plus d'informations veuillez contacter la « Stëftung Hëllef Doheem » au 40 20 80.

De 24. November 2024

Réckbléck op d'Seniorefeier

De 24. November huet d'Gemeng Helperknapp hier traditionell Seniorefeier fir hier Awunner vun iwwer 60 Joer organiséiert. Dëst Evenement, dat ronn 180 Leit zesummebruecht huet, war gepräägt vu Momenter vu Freed a guddem Humor.

D'Participantë goufe vum Schäfferot begréisst a weider goung et mat engem 3-Gang-Menu dee jidderengem gutt geschmaacht huet. Fir d'musikalesch Begleedung an eng gutt Ambiance huet den Nico Haupert gesuergt, deen et eise Senioren erlaabt huet sech gutt z'ameséieren an den Dag voll ze genéissen.

Mir soe jidderengem Merci deen zum Erfolleg vun dësem Event bäigedroen huet, souwéi all de Participantë fir hir Präsenz a Begeeschterung.

Le 24 novembre 2024

Retour sur la Fête du 3ième âge

Le 24 novembre, la commune Helperknapp a organisé sa traditionnelle « Seniorefeier » dédiée à nos habitants âgés de plus de 60 ans. Cet événement, qui a rassemblé environ 180 personnes, a été marqué par des moments de joie, de partage et de bonne humeur.

Les participants ont été accueillis par le collège des bourgmestre et échevins et a été suivi par un délicieux repas en 3 services qui a ravi les papilles de chacun. L'encadrement musical a été assuré par Nico Haupert qui a su créer une atmosphère festive et entraînante, permettant à nos aînés de se divertir et de profiter pleinement de la journée.

Nous tenons à remercier toutes les personnes qui ont contribué à la réussite de cet événement, ainsi que tous les participants pour leur présence et leur enthousiasme.

Fotoen: Jos BILL

Den 23. Januar 2025

Konferenz iw wert Fleegeversécherung organiséiert vun der Kommissioun vum 3. Alter

Den 13. Februar 2025

Éischt Kaffis-Stuff fir Senioren: E flotte Moment Zesummen

Den 13. Februar huet d'Kommissioun vum 3. Alter déi éischt Kaffi-Stuff fir eis Seniore mat Hëllef vun der Gemeng organiséiert. An enger häerzlecher a gemittlecher Atmosphär hunn d'Invitéeën déi Geleeënheet genotzt, fir bei enger Taass Kaffi an engem Stéck Kuch, esouwéi anerem Gedrénks, flott Gespréicher ze féieren, Gesellschaftsspiller ze maachen an nei Kontakter ze knëppen .

De Sall am Lëtschert, an deem d'Evenement stattfonnt huet, war am Virfeld vu Valentinsdag mat Suergfalt dekoréiert ginn, fir eng agreabel Atmosphär fir eis Gäscht ze schafen.

Dës Initiativ huet gewisen, wéi wichteg sozial Interaktioune fir déi eeler Generatioun sinn. D'Invitéeën hunn déi gemittlech Ronn als eng schéin Erfarung empfonnt a merci gesot fir dësen agreabelen Nomëtteg. Mat dësem positiven Echo si mir elo amgaang déi nächst Kaffis-Stuff ze preparéieren, dës fënnt dënschdes, de 27. Mee 2025 statt. Kommt laanscht a loosst iech iwwerraschen.

Text: Kommissioun vum 3. Alter
Fotoen: Bill Jos

Den 10. November 2024

Ee flott Hierschtfest mat der Musek Gemeng Helperknapp

MUSEK GEMENG HELPERKNAPP

Fotoen: Jos BILL

Den 21. November 2024

Soirée de bienvenue zu Bruch „An der Koll“

Leschte November huet eis Gemeng zesumme mat der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen en häerzleche Wëllkommensowend organiséiert, fir déi nei Awunner, déi an d'Gemeng geplënnert sinn. Wärend dem Evenement, huet eise Schäffen- a Gemengerot eis schéi Gemeng aus verschiddenen Aspekter presentéiert. D'Awunner konnten detailléiert Statistiken iwwer eisen Territoire an eis Populatioun entdecken, an domat en Iwwerbléck iwwer eis dynamesch Gemeng kréien.

Och déi verschidde Servicer vun der Gemeng goufen ervirgehuewen, notamment d'Verwaltung an de Service Technique mat hire verschidde Servicer fir d'Bierger. Wichteg Informatioune fir den Alldag an eiser Gemeng goufen och presentéiert, wéi d'Crèche an eise Campus. Hinne goufen och déi verschidde Recycling Méiglechkeeten esou wéi d'Offall Entsuergung erkläert. Weider Informatiounen iwwert déi lokal Rettungsdéngschter vum CGDIS an iwwert déi verschidde Mobilitéitsmëttel kruten d'Bierger och.

En novembre dernier, notre commune a organisé ensemble avec la Commission du Vivre-Ensemble interculturel une chaleureuse soirée de bienvenue dédiée aux nouveaux citoyens. Cet événement, orchestré par le collège des bourgmestres et échevins, ainsi que des membres du conseil communal, a permis de présenter notre belle commune sous divers aspects. Les invités ont pu découvrir des statistiques détaillées sur notre territoire et notre population, offrant ainsi une vue d'ensemble de notre commune dynamique.

Les différents services de l'administration communale ont été mis en lumière, notamment l'administration et le service technique avec leurs différents services aux citoyens. Des informations importantes pour la vie quotidienne dans notre commune ont également été présentées comme la crèche et notre campus scolaire. Les services comme la collecte des déchets et le centre de recyclage ainsi que nos services d'urgence comme le CGDIS et les différents moyens de mobilité ont également été abordés.

Fotoen: Jos BILL

Déi nei Awunner kruten am Laf vum Owend eng bedeitend Quantitéit un Informatioune mam Zil d'Liewen an hirer neier Wunngemeng z'erliichteren. Och eng Wonschkëscht gouf installéiert, fir datt d'Awunner hir Wënsch, Erwaardungen oder Feedback un d'Gemeng konnte stellen.

Als Ofschloss vum Owend gouf et e klenge Wëllkommensskaddo an en Éierewäin, deen den Austausch an d'Schafe vun neie Bekanntschaften tëscht den neie Awunner vun eiser Gemeng gefërdert huet.

Les nouveaux résidents ont reçu un nombre importants d'informations au cours de la soirée dans le but de leur faciliter la vie dans leur nouvelle commune de résidence. Une boîte à souhait avait aussi été installée afin que les résidents puissent y laisser leurs souhaits, attentes ou feedback pour la commune.

La soirée s'est conclue par un petit cadeau de bienvenue et une agape conviviale, favorisant les échanges et la création de liens entre les nouveaux membres de notre commune.

Den 30. November 2024

Aweiung vum Restaurant „Struwweltëntert“

No 4 Baujoren, konnt d'Gemeng endlech d'Ouverture vu sengem neie Restaurant den „Struwweltëntert“ am November 2024 feieren. Dëse versprécht eng onëmgänglech Plaz ze ginn, an ass wärend engem memorabelen Owend ageweit ginn.

De Restaurant ënnerscheet sech duerch seng verschidde Beräicher a bitt eng komplett kulinaresch Erfarung. En Deel Epicerie erlaabt et de Leit Qualitéitsproduiten ze kafen déi speziell selektionéiert goufen. An der Brasserie an am Café kann een an engem conviviale Kader puer gemitterlech Momenter bei engem gudde Glas oder Kaffi verbréngen. Schlussendlech natierlech den Deel Restaurant deen eng raffinéiert Kichen ubitt, déi lokal a saisonal Produiten esou wéi d'Talent vum Kach ervirhieft.

Den Owend war vun enger feierlecher a gemittlecher Stëmmung geprägt. D'Invitéeë konnten exquisit Häppercher schmaachen an esou déi verschidde Facettë vum Gebai kenneléieren. De Feedback vun de Leit war ganz positiv a vill konnten et kaum erwaarden nees zeréck ze kommen.

Mir felicitéiere ganz häerzlech all deenen déi dozou bäigedroen hunn dësen ambitiéise Projet ëmzesetzen. Dank hirem Engagement an haarder Aarbecht huet eis Gemeng elo eng zousätzlech Plaz déi eist lokaalt Liewe beräichert.

Après quatre années de construction, notre commune a enfin vu l'ouverture tant attendue de son nouveau restaurant le “Struwweltëntert” en novembre 2024. Cet établissement, qui promet de devenir un lieu incontournable, a été inauguré lors d'une soirée mémorable.

Le restaurant se distingue par ses différentes sections, offrant une expérience culinaire complète et variée. Une partie épicerie fine permet aux visiteurs de découvrir et d'acheter des produits de qualité, soigneusement sélectionnés. La brasserie et le café offrent un cadre convivial pour des moments de détente autour d'un verre ou d'un café. Enfin, la partie restaurant propose une cuisine raffinée, mettant en valeur les produits locaux et les talents de son chef.

La soirée d'ouverture a été marquée par une ambiance festive et chaleureuse. Les invités ont pu déguster des mets exquis tout en découvrant les différentes facettes de l'établissement. Les retours ont été extrêmement positifs, et nombreux sont ceux qui attendent avec impatience leur prochaine visite.

Nous félicitons chaleureusement tous ceux qui ont contribué à la réalisation de ce projet ambitieux. Grâce à leur dévouement et à leur travail acharné, notre commune dispose désormais d'un lieu de rencontre et de gastronomie supplémentaire qui enrichira notre vie locale.

Fotoen: Jos BILL

De 14. Dezember 2024

Chrëschtconcert mat dem Jugendensembel vun der Museksschoul an der Musek Gemeng Helperknapp

„Bei sëllegen Zuschauer huet de Jugendensembel vun der Museksschoul Helperknapp flott Stécker gespillt, an duerno d'Musek mat engem herrleche Programm"

Text a Fotoen: Pit SCHUMACHER

14. & 15. Dezember 2024

Bricher Chrëschtmaart

14 & 15 décembre 2024

Marché de Noël à Brouch

De leschten Dezember huet de Bricher Chrëschtmaart eis Gemeng a Chrëschtstëmmung versat. Organiséiert vun der Gemeng an der Entente vun de Bricher Veräiner, hu vill Awunner um 3. Adventsweekend, de Wee op Bruch bei d'Koll fonnt, fir e gemittleche Moment a flotter Gesellschaft ze verbréngen.

Déi 9 Stänn, déi vun eisen dynamesche lokale Bricher Veräiner bedriwwe goufen, hunn eng Rei u Leckereien ugebueden a selwer gebastelt Chrëschtdekoratioune vun der Maison Relais. Eng flott Tombola haten d'Schoulkanner op d'Bee gestallt. Och d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe war vertrueden an huet symbolesch Stäre verkaf wou de gesamten Erléis un d'Kanner vun der Croix-Rouge zu Bëschdref an un HUT am Mariendall gespent ginn ass fir hinne Chrëschtkaddoen ze kafen.

Le mois de décembre dernier, notre commune a vibré au rythme de la magie de Noël grâce au marché de Noël à Brouch organisé par la commune ensemble avec l'entente des „Bricher Veräiner". Lors du 3ème weekend de l'avent, les habitants ont répondu présents, prouvant une fois de plus leur attachement à ces moments de convivialité et de partage.

Les 9 stands, tenus par nos dynamiques associations locales de Brouch, ont proposé une variété de gourmandises et de décorations de Noël artisanales faites par la maison relais. Aussi les enfants de l'école avaient organisé une tombola avec des gains variés à la clés. La commission du vivre-ensemble interculturel était également présente et a vendu des étoiles symboliques dont les fonds collectés ont entièrement été reversés aux enfants de la Croix-Rouge à Buschdorf et à HUT Marienthal afin de leur acheter des cadeaux de Noël.

Fotoen: Jos BILL

Ee vun den Highlights vum Samschde war de Concert vun der Musek Gemeng Helperknapp. Hier Performance huet eng sëlleg Zuschauer ugezunn, verzaubert duerch déi feierlech Melodien, déi trotz de kalen Temperaturen d'Häerzer erwiermt hunn.

Fir den Accès op de Chrëschtmaart z'erliichteren, hat d'Gemeng gratis Navetten organiséiert, sou datt jidderee d'Manifestatioun ouni Transportsuerge konnt genéissen.

Mir soen all de Veräiner, déi matgemaach hunn, de Benevollen, souwéi den Awunner e grousse Merci fir hir Präsenz an Ënnerstëtzung. Dës Editioun vum Bricher Chrëschtmaart war e richtege Succès. Merci un lech all!

Un des moments forts du samedi a été le concert de la « Musek Gemeng Helperknapp ». Leur performance a attiré de nombreux spectateurs, enchantés par les mélodies festives qui ont réchauffé les cœurs malgré le froid extérieur.

Pour faciliter l'accès au marché, la commune avait mis en place des navettes gratuites, permettant à tous de profiter pleinement de l'événement sans souci de transport.

Nous tenons à remercier chaleureusement toutes les associations participantes, les bénévoles, ainsi que les habitants pour leur présence et leur soutien. Cette édition du marché de Noël a été un véritable succès grâce à vous tous !

De 16. Januar 2025

Generalversammlung vum Männerchouer Béiwen-Atert

Männerchouer
Béiwen/Atert

Fotoen: Jos BILL

De 25. Januar 2025

Schülerauditioun vun der Musekschoul

De 17. Januar 2025

Neijoerschempfang vun der Gemeng

Le 17 janvier 2025

Réception de nouvel an de la commune

De Januar an eiser Gemeng war geprägt vun engem memoraablen Neijoerschempfang. Dësen hat mei wéi 300 Leit zesumme bruecht fir vun der Geleeënheet ze profitéieren zesumme mat de Vertrieder vun der Gemeng op dat neit Joer 2025 unzestoussen.

Wärend deem Owend huet de Schäfferot zesumme mam Personal d'Projete fir d'Joer 2025 virgestallt. Ënnert den ugekënnegten Initiative fanne mir Verbesserunge vu verschidde lokalen Infrastrukturen, Projete fir erneierbar Energien ze förderen an d'Schafe vun neie Servicer fir de Bierger wéi d'Baue vun enger neier Crèche an enger Apdikt. All dëst soll eis Gemeng zu enger Plaz maachen, wou et sech gutt liewe léist.

Le mois de janvier a été marqué par une réception de nouvel an mémorable dans notre commune. Cet événement, qui a rassemblé plus de 300 personnes, a été l'occasion pour les habitants de se retrouver et de célébrer ensemble le début de l'année 2025 ensemble avec les représentants de la commune.

Le collège des bourgmestre et échevins ensemble avec le personnel ont profité de cette occasion pour présenter les projets de l'année 2025. Parmi les initiatives annoncées, on retrouve des améliorations des infrastructures locales, des initiatives visant à promouvoir les énergies renouvelables et la création de nouveaux services aux citoyens comme la création d'une nouvelle crèche et d'une pharmacie. Tout ceci vise à faire de notre commune un endroit où il fait bien vivre.

D'Awunner konnten sech bei engem gemittleche Patt iwwert déi vill presentéiert Projeten ënnerhalen. Fir d'Participatioun vun den Awunner z'erliichteren, gouf eng gratis Navette organiséiert. Dëse Service huet et villen Awunner erlaabt ouni Suergen op Béiwen ze kommen, wat zu der Accessibilitéit an der Inklusivitéit vum Event bäigedroen huet. Den Neijoerschempfang war e richtege Succès, deen den Ufank vun engem villversprechende Joer fir eis Gemeng markéiert huet.

Op dëser Plaz nach e Merci u jiddereen deen zum Succès vun dësem Owend bäigedroen huet!

Les habitants ont pu échanger, autour d'un verre de l'amitié offert par la commune, sur les nombreux projets présentés. Pour faciliter la participation de tous les habitants, un service de navette gratuit a été mis en place. Ce service a permis à de nombreux résidents de se rendre à la réception sans souci de transport, contribuant ainsi à l'accessibilité et à l'inclusivité de l'événement. La réception de nouvel an a été un véritable succès, marquant le début d'une année prometteuse pour notre commune.

Nous tenons à remercier tous ceux qui ont contribué au succès de cette soirée !

Fotoen: Jos BILL

De 7. Februar 2025

Generalversammlung vun der Musek Gemeng Helperknapp

Fotoen: Jos BILL

De 16. Februar 2025

Kënnbakestee

Männerchouer Béiwen/Atert

De Männerchouer Béiwen/Atert hat fir Sonndes, de 16. Februar op d'Kënnbakestee agelueden.

Um halwer 11 gouf de Wuertgottesdengscht am Lëtschert vum Diakon Jos Halsdorf zu Éiere vum Hellege Valentin gehal. D'Choralle vu Schieren an Ierpeldeng hunn de gesangleschen Deel iwwerholl. Ier et op den Aperitif goung, huet den Diakon virun der Statu vum Hellege Välten, d'Kënnbaken, Zoossissen an aner gutt Stécker aus der Haascht geseent.

Judd mat Gaardebounen oder eng Hausmaacher Paschtéit, preparéiert vum Claude Mathékowitsch a „sengen Dammen" gouf vun de Hären aus dem Männerchouer zerwéiert. Et sollt keen hongereg vum Dësch goen, dofir konnten d'Leit sich nach eng Repasse geneemegen.

Nom Kaffi, Kuch, Taart an enger Drëpp, huet dunn de President Claude Mathékowitsch de Riffer Jos Elsen gebieden, d'Stee unzefänken.

„Fir d'éischt, fir zweet an zou"

D'Kënnbaken an och di aner „Schwéngereien" hu séier en neie Proprietär fonnt.

Bis an de spéiden Nomëtten hunn d'Leit sich de Gudden ugedoen a sinn zefridden heem gefuer.

Text: Männerchouer Béiwen/Atert

Den helligen Valentin

De Jos Elsen brengt mat deem néidigen Eescht a mat vill Freed, die gereetzte „Schwengereien un d'Fra an un de Mann

D'Stee ass eriwwer. D'Hären aus dem Männerchouer mat hiren Damme soen lech all villmools Merci an hoffen dat se lech fir 2026 d'Haascht erëm gutt gefëllt kënne presentéieren.

E Blëck an di gudd gefëllten Haascht

E gutt gefëllte Sall - Merci lech all!

Fotoen: Jos BILL

Den 9. Mäerz 2025

Buergbrenne „beim Heidemier“ organiséiert vun der Natur&Ëmwelt Sektioun Téinten

Fotoen: Jos BILL

Den 9. Mäerz 2025

Buergbrenne Bricher Suebelmouken

Fotoen: Pierre SCHOLTES

Den 13. Mäerz 2025

Rettungsmissioun vun engem Réikitz zu Téinten

Den Donneschden 13. Mäerz, huet zu Téinten eng speziell Rettungsaktioun stattfonnt: déi vun engem Réikitz! Dëst Evenement huet am Kader vun enger Pressekonferenz stattfonnt déi d'Initiative vum Land presentéiert huet fir d'Réikitzrettung ze förderen.

D'Konferenz huet vill wichteg Personalitéiten zesummebruecht, dorënner d'Ministesch vun der Landwirtschaft, der Ernärung an dem Wäibau, Martine Hansen, de President vun der Landwirtschaftskammer, Christian Hahn, de President vun der ASBL Sauvons Bambi, Jacques Schroeder, de Vize President vun der FSHCL (Fédération Saint-Hubert des Chasseurs du Grand-Duché de Luxembourg ASBL), Marc Reiter, esou wéi de Schäfferot vun eiser Gemeng.

Déi verschidde Rieden hunn d'Wichtegkeet vun dësem Thema fir d'Baueren aus dem Land an den Déiereschutz ënnerstrach. Dës Missioun kann nëmme mat der Zesummenaarbecht vu Baueren, Jeeër an de Benevole vu „Sauvons Bambi" en Erfolleg ginn.

Le 13 mars 2025

Mission de sauvetage d'un faon à Tuntange

Le jeudi 13 mars, une mission de sauvetage spéciale a eu lieu à Tuntange : celle d'un faon! Cet événement s'est déroulé dans le cadre d'une conférence de presse visant à présenter les initiatives du Luxembourg pour sauver les faons.

La conférence a réuni plusieurs personnalités importantes, dont la Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture, Martine Hansen, le président de la Chambre d'Agriculture, Christian Hahn, le président de l'ASBL Sauvons Bambi, Jacques Schroeder, le vice-président de la FSHCL (Fédération Saint-Hubert des Chasseurs du Grand-Duché de Luxembourg ASBL), Marc Reiter, ainsi que notre collège des bourgmestre et échevins.

Les différents discours ont souligné l'importance de ce sujet pour les agriculteurs du pays et ont mis en avant la nécessité de protéger les animaux. Cette mission requiert la collaboration entre chasseurs, agriculteurs et bénévoles de l'association « Sauvons Bambi ».

Helperknapp - Är Gemeng

Fotoen: Jos BILL

© Ulrich SCHRADER

